N°8266
Entrée le 28.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 28. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

D'ASBL "Ecole Nicomaque" huet wëlles, an engem Gebai zu Miedernach eng alternativ Schoul fir bis zu 80 Schüler opzemaachen. Geplangt ass eng Privatschoul fir Kanner vun 3 bis 16 Joer, inspiréiert vum Educatiounsmodell vum Lycée Ermesinde. Laut engem rezente Reportage vun RTL gouf déi entspriechend offiziell Demande op Recommandatioun vum Educatiounsministère via Arrêté grand-ducal refuséiert.

*"De Ministère stéiert sech ënner anerem dorun, dass d'Konzept vun der École Nicomaque keen Echec virgesäit an och net präziséiert gëtt, wéi eng Kompetenzen d'Schüler mussen erreechen"*, heescht et op rtl.lu.

Am Kontext vum Refus vun der Demande fir eng Privatschoul zu Miedernach no engem änleche Modell wéi dee vum Lycée Ermesinde, wéilt ech zu dësem folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister mech driwwer informéieren, ob eng Evaluatioun vum Lycée Ermesinde – 2005 an der Stad gegrënnt an zënter 2012 zu Miersch installéiert – duerchgefouert gouf?
    - Wa jo, wat sinn d'Conclusiounen dovun?
    - Wann net, firwat net?
- Gedenkt den Här Minister virum Hannergrond vun der rezenter Demande vun der ASBL "Ecole Nicomaque" eng allgemeng Evaluatioun vum Lycée Ermesinde maachen ze loossen?
    - Wa jo, wéini a vu wiem?

An deem Reportage vun RTL geet och nach rieds vun enger anerer Schwieregkeet beim Konzept vun der Privatschoul zu Miedernach: *"Méi e fundamentale Problem gesinn de Ministère an d'Regierung doranner, dass an der Ecole Nicomaque solle Produiten a Servicer erstallt ginn, fir déi dann ze kommerzialiséieren. Esou wéi d'Konzept vun der ASBL beschriwwe wier, bestéing de Risiko, datt et zu Kanneraarbecht géif kommen an d'Schoul e Betrib géif ginn. Dat géif een net zouloossen, sou de Lex Folscheid."*

Entreprisë gehéieren awer och zum Konzept vum Lycée Ermesinde, op deem senger Websäit heizou ënner anerem geschriwwe steet: *"Dans ses entreprises internes, le lycée Ermesinde assure des productions continues de biens et de services à destination d'un public et d'une clientèle externes. (...)"*. An där Beschreiwung geet e bësse méi wäit dann och vun *"distribution"* a *"commercialisation"* rieds.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Wéi erkläert den Här Minister de kommerziellen Aspekt vun den Entreprisë vum Lycée Ermesinde par Rapport zum Refus vum Konzept vun der ASBL "Ecole Nicomaque"?
- Ass dëse spezifesche Volet vum Lycée Ermesinde evaluéiert ginn?
    - Wa jo, wat sinn d'Conclusiounen dovun?
    - Wann net, firwat net?

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 106 vum 18. Dezember 2018 gesäit den Här Minister Bedarf fir eng zweet Schoul nom Modell vum Lycée Ermesinde, am Süde vum Land: *"A` co^te´ de l'offre existant de´ja` au centre du pays avec le Lyce´e Ermesinde (LEM) installe´ a` Mersch, la volonte´ de mon ministe`re est de voir implante´ un e´tablissement scolaire comparable dans le sud du Grand-Duche´ afin de re´pondre a` un re´el besoin pe´dagogique."*

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Wéi an op Basis vu wéi enge Krittären huet de Ministère dee *"besoin pédagogique"* festgestallt?

- Kann den Här Minister mech iwwer den aktuelle Stand vun der Iddi vun enger zweeter Schoul nom Modell vum Lycée Ermesinde am Süde vum Land informéieren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8266 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1) an 2)**

Den Artikel 18 vum Gesetz vum Lycée Ermesinde (*Loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote*), dem fréieren *Neie Lycée* oder *Lycée-pilote*, gesäit effektiv eng Evaluatioun vir: *« Le fonctionnement du lycée-pilote fait l'objet d'une évaluation continue et un bilan est établi au plus tard cinq années après l'entrée en vigueur de la présente loi. »*

De Bilan ass 2011 gemaach ginn, an zwar vun der Universitéit Lëtzebuerg a vum Professer Baudouin Jurdant vu Paräis. Béid Evaluatioune si global positiv a kënnen um Internet-Site vum Ministère consultéiert ginn (https://men.public.lu/fr/publications.html).

D'Evaluation continue, déi am Gesetz virgesinn ass, gëtt zanter 2005 zwee Mol am Joer vum Comité d'évaluation et d'innovation pédagogique (CEIP) gemaach. Dëse Comité kënnt all Joer am Januar an am Juni jeeweils dräi Deeg an de Lycée Ermesinde. Dëst Joer am Juni war et déi 29te Kéier.

De Comité huet eng prestigiéis Besetzung mat internationalen Experten

Bei all Sessioun besteet ee Programm, deen de Membere vum Comité et erlaabt, an déi verschidden Domainer vun der Schoul eranzegesinn, sech ee Bild ze maachen, a bestëmmte Konzepter mat der Direktioun vun der Schoul duerchzediskutéieren.

**Ad 3) a 4)**

De kommerziellen Aspekt vun de sougenannten Entreprisë vum Lycée Ermesinde (LEM) ass bei Wäitem net esou developpéiert wéi deen, deen am Projet vun enger École Nicomaque virgesi war. En ass deemno onproblematesch a vermëttelt de Schülerinnen a Schüler ee gudden Abléck an d'Beruffsliewen.

Dëse "spezifesche Volet" ass schonn e puer Mol vum uewe genannte CEIP evaluéiert ginn. D'Membere vun deem Gremium hunn ëmmer erëm op d'Komplementaritéit vun de sougenannten Haiser vum LEM an den Entreprisë gepocht a virun allem guttgeheescht, datt d'Schüler an den Entreprisen duerch de Kontakt mam Publikum de Bléck no bausse kréien.

**Ad 5) a 6)**

Zanter 2018 huet eis Schoullandschaft sech diversifiéiert, fir de Besoine vun eiser Gesellschaft gerecht ze ginn.

Dobäi ass de Fokus engersäits op nei Sektiounen a Formatioune souwuel am Enseignement secondaire wéi an der Formation professionnelle geluecht ginn; dës nei Ausbildunge sollen de Schüler et erlaben, e positive Choix beim Aschloe vun hirem zukünftegen Ausbildungswee ze maachen an zougläich hir Studéierfäegkeet assuréieren.

Anerersäits ass mam Ausbau vun der internationaler Schouloffer probéiert ginn, der Sproocherealitéit zu Lëtzebuerg Rechnung ze droen.

Lëtzebuerg, den 11 Oktober 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH